Altesse Royale, Excellences, Monseigneur, Mesdames, Messieurs les Députés, Mesdames, Messieurs les Ministres, Chers amis de Caritas,

La Caritas célèbre son 75e anniversaire. Elle célèbre la vie quotidienne de tant d'hommes et de femmes, d'enfants, de luxembourgeois et étrangers ainsi que les interventions des travailleurs sociaux tout au long de son histoire.

Altesse Royale, mir si frou an houfreg fir iech haut de Mëtteg hei bei ons däerfen ze empfänken. Är Präsenz mecht ons Courage a weist all dene Leit, fir déi mir an dene leschte 75 Joer geschafft hunn, datt eis Natioun si net vergësst, mee grat och an Äerer Persoun hannert hinne steet a fir si asteet. Merci!

Caritas hei zu Lëtzebuerg an uechtert d'Welt as eng grouss Famill - vu Mënschen, Associatiounen an Institutiounen am Déngscht vum Mënsch an Nout. Nach déi leschte Woch wor déi gesamt Caritasfamill, 162 Membersorganisatiounen, zu Roum an hirer Generalversammlung zesummen, fir d'Prioritéiten fir déi nächst 4 Joer festzeleeën an déi responsable Persounen un hir Spëtzt ze wielen. An engem eenzege Sall waren alleguerten déi verschidde Repräsentanten zesummen an et huet ee sech als Lëtzebuerger wuel gespiert ënnert hinnen, - an et wousst een, datt ee Caritas mat hinnen zesummen uechter d'ganz Welt an an der Kierch an als Kierch dierft matsinn. Ech si frou haut Vertrieder aus der Schweiz, dem Frankreich, Belgien an Deitschland, Russland an Norwegen, Indien an dem Sri Lanka önnert ons dierfen ze begréissen.

D'Bild vun engem Spigel ass mir duerch de Kapp gangen, wou ech zu Roum an den Synodensall gekukt hun. An dem Spigel huet ee se alleguerte gesinn, si hu sech alleguerten an dem selwegte Spigel erëmfonnt. An de Spigel war grouss genuch fir datt ee jidder eenzelnen aus der grousser Caritas-Familjen gesinn huet. Elo as nees jidferee bei sech doheem sou wéi mir och hei.

*Spigel faalen loossen.*

An 162 Stécker queesch uechtert d'Welt geet elo d'Aarbecht vun der Caritas virun an esou och bei eis zu Lëtzebuerg.

Och d'Confédératioun Caritas hei zu Lëtzebuerg, déi hir 75 Joer feiert, ass esou e Spigel, esou eng Famill. 19 Membersorganisatiounen zielt de Verband vun haut. An déi 19 Gesellschafte fannen sech erëm an dem enge Spigel, jidereen op senger Plaz, jideree mat senge Spezificitéiten. Déi 19 Stécker,

*Spigel faalen loossen,*

représentéieren dat Ganzt an all Deel représentéiert en eegene Spigel, en eegenen Ausschnëtt vun der Welt vun der Caritas - an dat as och gutt esou. An all eenzelner Schierbel, an all eenzelnem Stéck fënnt een dat Ganzt, wann een et genau kuckt, wann een et wäit genuch eweg hält. Haut kucke mir de ganze Spigel, ouni Rass an ouni Schierbelen. An dach ass an all eenzelnem Stéck, an all eenzelner Schierbel, dat selwegt ze gesinn - och dat Ganzt.

D'Liewe vun de Mënschen ass oft a Schierbelen, ass oft a Stécker gebrach. Geschter moien huet en tragescht Accident op der A4 am Frankraischt bei Reims e Kand an e Schoulmeeschter an den Doud gerappt - vill Kanner, hier Eltren a Frënn fir ëmmer blesséiert. Los mer hinnen an desem Moment gedenken. Erhieft iech eng Minutt a Stëllt.

D'Liewe vun de Mënschen ass oft a Schierbelen, ass oft a Stécker gebrach, wa si sech un déi verschidden Déngschter vum Lëtzebuerger Caritasverband -vun den Associatiounen, déi Member sinn, riichten. Si gesinn just e Brochstéck. Si sinn ze no un hirem Ongléck. Si hunn net genuch Distanz fir sech nach eng Kéier ganz an de Bléck ze huelen.

An de Schierbele vum mënschleche Leed, vum mënschlechen Ongléck de ganze Mënsch erëmzefannen heescht, mat him e Stéck Wee ze goen, him Distanz ze verschaafen zu dem, wat e gebrach huet, an him ze weisen, datt hie ganz bliwwen ass, och wann en Deel vu sengem Liewen zerbrach ass. D'Liewen as brochstéckhaft an doranner awer ganz.

Haut an dëser Séance Académique kréie mir Brochstécker gewisen, Brochstécker aus dem Liewe vun eenzelne Mënschen, aus dem Liewe vun der Caritas, an et ass un iech, léif Frënn vun der Caritas, fir alles zesummen ze kréien, fir dat Ganzt ze gesinn, am Eenzelnen, am Onvollkommenen, am Gebrachenen.

Dem enge Mënsch gëtt d'Gromper nees Hoffnung an Zouversicht. Engem aneren hëlleft e Schëld ronderëm säin Hals fir sech festzehalen u senger Identitéit. En aneren erzielt eis d'Geschicht vu senger Befreiung an d'Liewen eran, aus de Schierbelen eraus. All déi Szenen a Splitteren sti fir dat Ganzt.

Duerfir si mir frou, datt den Théâtre National de Luxembourg ënnert der Leedung vum Fränk Hoffmann bereet war, eis ze hëllefen - dat en scène ze setzen, wat d'Caritas gemeet huet a mecht. Mir si frou an dankbar fir de Museksgrupp „Garlicks", dee mat senge Stécker eran an dës Welt vun der Caritas improviséiert, eran an eng Welt, déi net einfach kann harmonesch ofgespillt ginn. Si brauch d'Improvisatioun, si brauch d'Expressioun vun Artisten – an dat ass den eigentlechen Professionalismus. Merci der Abbaye Neumünster, déi eis dës Bühn, dëse Sall zur Verfügung stellt an domaten e Cader fir eist Fest schaft. Merci der Stad Lëtzebuerg an der Dexia BIL fir hir Ënnerstëtzung vun eisem Fest mat iech all zesummen.

An der Schierbel dat Ganzt gesinn: de ganze Mënsch, déi ganz Aarbecht, dat ass d'Konscht vun der Caritas. Duerfir hu mir eist Festjoer ënnert d'Thema „Zukunft schenken" gestallt. An de Schierbelen dat Positivt erëmsichen, an de Schierbelen dem Mënsch d'Méiglechkeet ginn, eng Perspektiv ze fannen.

„Zukunft schenken" wëllt jo soen, datt se net einfach vum Himmel fällt. 'T ass méi einfach, engem Mënsch d'Zukunft ze verbauen, wéi him se opzehalen. Vill Donnateuren, privater an ëffentlecher, erméiglechen der Caritas et haut, Zukunft ze schenken, drun ze gleewen, datt all Mënsch eng Zukunft huet : - hei bei eis an an der Welt; - datt all Mënsch eng Zukunft gehéiert; datt all Mënsch Recht op seng Zukunft huet - an duerfir setze mir eis an. Och dat geet net ömmer ouni Schierbelen ze maachen.

Haut ob onsem Fest get nit drëms, op d'Schierbelen ze kucken, mee op dat Ganzt, dat wat mir fäerdegbruecht hunn an eiser Geschicht. Mir sin dankbar mat all denen a fir all déi, déi während dene 75 Joer eis virausgaange sinn an un enger Visioun vun der Caritas geschafft hunn. Eis Visioun eisen Asaatz ass schlicht an einfach: mir gleewen un eng Welt déi besser ka sin – mir gleewen un den Mensch a seng Fähegkeeten.
Mir gleewen un eng Welt an deer kee Mënsch hannert senger Dignitéit zréckbleift, mee seng Dignitéit voll a ganz ka liewen.

Looss mer léieren, aus de Stécker eppes ganzes ze maachen. Looss mer léieren, an de Schierbelen dat Ganzt ze gesinn, de ganze Mënsch, seng Zukunft.

"Zukunft schenken! - oder ob franseisch: partager l'avenir ass onsen Leitmotiv fir dëst Festjoër : Caritas s'est toujours laissée guider par la vision d'un avenir ouvert à tous - un avenir qui se donne, se partage et se décline en gestes concrets et durables en faveur de ceux et celles que la vie n'a pas épargnés.
Ech soen iech merci !

Altesse Royale, léif Frënn vun der Lëtzebuerger Caritas. Loosse mir elo ee Bléck an ons Geschicht werfen, eng Geschicht, déi ugefaangen huet, wäit virun 1932 - an an hiren Extraiten a Momenter nach eemol weist, wou mir hierkommen a wou mir higi fir och weiderhin Zukunft kënnen ze schenken.

De Professer Jean-Paul Lehers, Geschichtsprof a Vize-Rektor vun der Uni Lëtzebuerg get ons elo e puer Abléck an d'Entwécklung vun der Caritas. Här Lehers dir hut d'Wuert.